N°4082
Entrée le 11.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.05.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„2013 gouf den *Tiers payant social* (*TPS*) agefouert, fir datt d'Gesondheetsversuergung keng Laascht fir d'Leit duerstellt. Persoune mat engem modeste Revenu kënne sech deementspriechend un den zoustännegen Office social wenden a mussen duerch den *TPS* hir Dokteschrechnungen net virbezuelen, mee den Dokter gëtt direkt vun der Krankekeess bezuelt. Wéi aus enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro (n°3637) ervir geet, gräifen duerch de System vum *paiement immédiat direct* (PID) ëmmer manner Leit op den *TPS* zeréck. Mee fir Leit an immens prekäre Situatioune kann och de Patientebetrag nach ze deier sinn. Dat selwecht gëllt fir d'Kafe vun de Medikamenter déi den Dokter verschriwwen huet. Effektiv bezilt een hei mat enger Ordonnance och just dee Betrag deen de Patient muss iwwerhuelen ouni mussen déi reschtlech Sue virzestrecken. Entgéint den Dokteschrechnungen, kann een an den Apdikten awer net op den *TPS* zeréckgräifen, och wann ee sech de Patientenundeel net leeschte kann.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Wéi eng Ulaafstelle sti Persounen a ganz prekäre Situatiounen zur Verfügung, wa si sech hir Medikamenter net kënne leeschten?

- Kënnen d'Käschte vun de Medikamenter an deem Fall op Demande integral vun der Krankekeess iwwerholl ginn?

- Falls dat net de Fall wier, kënnen dës Persounen déi reschtlech Sue beim Office Social ufroen?

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| Corinne CAHEN<br>Deputéiert | Carole HARTMANN<br>Deputéiert |